



Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°2790 du 18 août 2025 de l'honorable Députée Alexandra SCHOOS et de l'honorable Député Jeff ENGELEN concernant « Tests de langues de l'ADEM ».

Remarque préliminaire :

Déi genannten Beispillfroen aus der parlamentarescher Fro sinn keng reel Froen aus dem Échantillon vun der ADEM; d'Inkoherenzen sinn hei héchstwahrscheinlech entstanen, well déi concernéiert Kandidaten während den Tester en automateschen Iwwersetzungsprogramm genotzt hunn (cf. Äntwerten op d'Froen N°8 an N°10).

Fro N°1: Ween ass fir d'Erstellung, Iwwerpréiwung a Mise en ligne vun de Sproochentester vun der ADEM verantwortlech?

D'Firma „Altissia International SA“ ass fir d'Erstellung, Iwwerpréiwung a Mise en ligne vun de Sproochentester vun der ADEM zoustänneg.

Fro N°2: Wéi eng Qualifikatiounen hunn d'Persounen, déi dës Tester erstellen oder redigéieren?

All d'Sproochentester sinn vun Experten an der Pädagogik oder an der Évaluatioun mat folgendem Profil erstallt:

- Spriecher mat als Mammnesprooch d'Sprooch vum Test;
- Master- oder Doktorat-Diplom an Sproochen, Pädagogik oder linguistescher Évaluatioun.

Niewt de strengen Rekrutéierungskritären sinn all „Item-Autoren“ verpflichtet, e strikten Formatiounsprogramm matzemaachen.

D'Formatioun beinhalt eng Kombinatioun vun explikativen Videoen, Dokumenter, Questionnairen an Exercicer, déi d'Item-Autoren duerchlafen, wat zu der Entwécklung vun Échantillonnen féiert, déi vun der Firma „Altissia International SA“ evaluéiert ginn.

D'Createuren sinn begleet an ënnerstëtzt vun den „Altissia International SA“ Sproochkoordinatoren, déi och pädagogesch Experten sinn, déi mindestens en Master-Diplom an den selwechte Beräicher hunn.

Fro N°3: Gëtt et e Qualitätssécherungssystem, fir Feeler an der Grammaire, Syntax, Orthografie oder am Inhalt ze vermeiden?

D'Sproochentester ginn an engem rigoréiesen Prozess an e puer Etappen ausgeschafft.

An enger 1. Phas ass et d'Konzeptioun vum Test, wou déi verschidden Elementer a Kategorien agedeelt ginn. Dat erlaabt ze garantéieren, dass déi verschidden Zorten vu Froen, Niveauen an Objektiver gläichméisseg verdeelt ginn während der Sproochen-Évaluatioun.

An enger 2. Phas creeéieren d'Redakteren déi verschidden Elementer en Fonctioun vun den Zieler déi definéiert gi sinn; als éischt gëtt en Échantillon creeéiert, deen validéiert gëtt. Duerno fiirt den Redakter weider mat der Créatioun vun de reschtlechen Elementer.

An der 3. Phas ginn d'Elementer kontrolléiert vun enger Persoun, där hir Mammesprooch d'Sprooch vum Test ass. Duerno ginn d'Konklusiounen mat de Verbesserungsvirschléi un de Redakter zeréck geschéckt.

An der 4. Phas validéieren de Redakter an e pädagogeschen „Lecteur“ all d'Elementer iert eng lescht Persoun, déi als Mammesprooch d'Sprooch vum Test huet, dësen vun engem linguisteschen Standpunkt aus iwwerliest.

De Sproochentest gëtt reegelméisseg iwwerliewt, fir all potentiell sensiblen Inhalt z'ëvitéieren.

Éier d'Tester „en ligne“ gesat ginn, ginn se nach eng Kéier vu Pädagogen an aneren Testpersounen op eventuell Anomalien getest.

D'Validitéit vum Test baséiert op sénger Relatioun mam CECRL (*Cadre européen commun de référence pour les langues*), an dat op Basis vu statisteschen Analysen vun Experten.

Fro N°4: Wéini goufen d'Tester fir d'Lescht iwwerschaaft an op Korrektheet gepréift?

D'Analys vun den Testelementer gëtt järelech duerchgefouert, fir d'lescht am Dezember 2024.

Fro N°5: Gouf externt Fachpersonal (z. B. Linguisten, Lëtzebuergesch-Enseignanten) zwecks Iwwerpräiwung vun den Tester erugezunn? Wann nee, firwat gouf dat versäumt?

All lëtzebuergeschen Inhalt gouf vun Sproochexperten vum INLL (*Institut National des Langues de Luxembourg*) erstallt; dëst no den uewe beschriwwenen Kritären an Normen.

Déi linguistesche Korrekturliesung gouf vum Zenter fir d'Lëtzebuergesche Sprooch (ZLS) assuréiert.

Fro N°6: Gouf et scho Reklamatioune betreffend feelerhaft oder mëssverständlech Testfroen? Wa jo, wéi ass d'ADEM domat ëmgaang?

Am Fall vun enger Inkohärenz am Test kontaktéiert de Kandidat d'ADEM, déi him detailléiert Erklärungen ubitt. Eng nei Geleeënheet fir den Test ze maachen gëtt proposéiert, fir eng genau a gerecht Bewäertung ze garantéieren.

Fro N°7: Kënnen Testresultater contestéiert ginn, wann nogewise gëtt, dass Testinhalter feelerhaft waren?

Aarbechtssichender hunn d'Méiglechkeet en Test nach eng Kéier ze maachen, wann sie mengen, datt d'Resultater hir Kompetenzen net reflektéieren oder wann hire Beroder op der ADEM eng signifikativ Inkohärenz feststellt. D'ADEM engagéiert sech fir all gemellte Problem z'iwwerpräiwen, mam Zil zouverlässeg a fair Bewäertunge fir all Kandidat ze garantéieren. Fir Leit, déi keen Zougang zu engem Telefon, Tablet oder Computer hunn, stellt d'ADEM Computer zur Verfügung, vu Méindes bis Freides vun 8 bis 12 Auer

Fro N°8: Wéi gëtt séchergestallt, dass d'Testbewäertung objektiv an novollzéibar ass, wa schonns d'Testfroen feelerhaft sinn?

D'Objektivitéit an d'Zouverlässegkeet vun den Evaluatioune ginn duerch rigoréis Prozeduren assuréiert. Wann allerdéngs en automateschen Iwwersetzer benotzt gëtt, kënnen d'Resultater verfälscht sinn. Fir dëst ze behiwen, informéiert d'ADEM d'Kandidaten iwwer d'Noutwennegkeet, all automateschen Iwwersetzer virum Test ze desaktivéieren an offrëiert, wann néideg, e neien Test no den Erklärungen un.

Fro N°9: Ass en Iwwerschaffen oder e kompletten Austausch vun den Testmaterialie geplangt? Wa jo, bis wéini?

Aktuell ass keng Revisioun oder kompletten Ersatz vum Testmaterial néideg, well d'Tester schonn héijen Qualitéits- an Zouverlässegkeetsnormen entsprechen. D'ADEM garantéiert, datt d'Integritéit vun den Evaluatiounen duerch regelméisseg Kontrollen a Benotzerfeedback erhale gëtt.

Fro N°10: Wéi gëtt an Zukunft séchergestallt, dass d'Sproochentester dem héijen Usproch u sproochlech Korrektheet gerecht ginn?

D'Sproochentester vun der ADEM, entwéckelt vun „Altissia International SA“, entsprechen schonn rigoréise Standarde vu sproochlecher Genauegkeet, dank dem Ausschaffen vun Experten an enger regelméisseger Analys vun de Resultater. Fir hir Zouverlässegkeet ze garantéieren, ginn d'Kandidaten systematesch virum Ufank vum Test iwwer d'Verpflichtung informéiert, all automateschen Iwwersetzer

ze deaktivéieren. Dës Moosnam, kombinéiert mat kontinuéierlecher Iwwerwaachung vun der Testleeschtung, suergt fir präzis Bewäertungen, déi un d'Bedierfnesser vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ugepasst sinn.

Fro N°11: Wéi eng Bedeitung moosst d'Regierung dem Lëtzebuergereschen als Integratiounssprooch bäi – a wéi passt dozou d'Qualitéit vun dësen Tester?

Selbstverständlech erkennt d'Regierung dem Lëtzebuergereschen eng zentral Roll als Integratiounssprooch un. Deementspreechend respektéieren d'Tester vun der ADEM héich Qualitéits- an Zouverlässegkeetsnormen.

Luxembourg, le 2 septembre 2025

(s.) Georges MISCHO
Ministre du Travail